



Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 5. August 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an un de Finanzminister weiderzeleeden.

2024 sinn der Caritas ronn 61 Milliounen Euro duerch frauduléis Kreditter an Iwwerweisungen an d'Ausland geklaut ginn. Als Reaktioun hat d'CSSF bei deenen zwou Banken, iwwert déi d'Virement fir d'Fraude gelaf sinn, Enquête gemaach, fir eraus ze fannen, op d'Sécherheetsstandarden an de Finanzinstituter agehale gi waren. An engem rezente Communiqué vum 30. Juli 2025 huet d'CSSF elo bekannt ginn, dass der Spuerkeess schonn den 2. Mee 2025 eng Geldstrof operluecht ginn ass, well d'Enquête erginn hat, dass d'Bank d'Reegele fir d'Vermeide vu Geldwäsch an Terrorfinanzéierung net vollstänneg respektéiert hat. Et handelt et sech em eng Strof vun 4.968.780 Euro wéinst strukturellen a systeemesche Problemer bei der Vermeidung vu Geldwäsch an Terrorfinanzéierung um Niveau vum Dispositif vun der Spuerkeess. Konkret hält d'CSSF an hirer décision administrative fest:

« la CSSF a constaté dans le cadre du présent contrôle sur place que, malgré les mesures déjà prises, le dispositif de surveillance des transactions comportait encore des lacunes, tant au niveau de sa conception que de son implémentation et de la réalisation des contrôles. Les lacunes relevées ne résultaient pas uniquement de l'analyse de dossiers individuels, mais elles se sont avérées être d'ordre structurel et systémique. »

D'Resultat vun der Enquête ass besonnesch alarmant, well d'CSSF d'Spuerkeess schonn 2018 op Problemer um Niveau vun der Bekämpfung vun der Geldwäsch an der Terrorfinanzéierung higewisen hat. An deem Kontext heescht et vun der CSSF:

« Le contrôle sur place effectué par la CSSF auprès de l'Etablissement de crédit intervient après un précédent contrôle sur place effectué par la CSSF en 2018 et qui avait porté sur l'intégralité du dispositif de LBC/FT. Il en avait résulté une injonction de la CSSF en conséquence de laquelle l'Etablissement de crédit avait mis en œuvre des mesures afin de remédier aux faiblesses détectées. »

An deem Kontext wéilte mir de Ministere folgend Froe stellen:

- Wéini ass d'Regierung iwwert d' "Sanction administrative du 2 mai 2025 pour non-respect d'obligations professionnelles en matière de suivi des transactions dans le cadre de la lutte contre le blanchiment d'argent et le financement du terrorisme" vun der CSSF a Kenntnis gesat ginn?

- Wéi erkläert sech d'Regierung de Constat, dass et bei der Spuerkeess – där hier Parten integral a staatlecher Hand sinn - trotz der Injonction vun 2018 an de Mesuren, déi doropshi geholl goufen, ëmmer nach strukturell a systemesch Problemer gëtt?

- Niewent der Injonction vun 2018 an der rezenter Sanktioun duerch d'CSSF hat d'europäesch Zentralbank 2022 och eng sanction administrative géint d'Spuerkeess prononcéiert wéinst Problemer um Niveau vum Reporting réglementaire vum Ratio vun de fonds propres. Ass d'Regierung net der Meenung, dass et der Reputatioun vun der Lëtzebuerger Finanzplaz schued, wann eng Bank, där hire Conseil d'administration integral vum Lëtzebuerger Staat ernannt gëtt, widderholl duerch Verstéiss géint international Reegelen opfält?

- Wéi wëll d'Regierung an Zukunft verhënneren, dass bei der Spuerkeess strukturell a systemesch Problemer Bestand kënnen hunn?

- Wéi bewäert d'Regierung am Nachhinein hier Positioun par Rapport zu den Aussoe vun der Spuerkeess am Kader vun der Caritas-Kris? Hannerfreed d'Regierung hier Attitude vis à vis vun der Verantwortung vun de Banken an deem Kontext?

Mat déiwem Respekt,



Taina Bofferding
Deputéiert



Franz Fayot
Deputéierten



Mars Di Bartholomeo
Deputéierten